Kommt schwätzt mat

PROJET GEMENGEFUSIOUN GROUSSBUS-WAL

Aluedung zu Diskussiounsowenter

01.03, 19.00 Auer
Uert: Groussbus, Festsall
Fir: Groussbus

15.03, 19.00 Auer
Uert: Groussbus, Festsall
Fir: Dellen

29.03, 19.00 Auer
Uert: Groussbus, Festsall
Fir: Groussbus

22.02, 19.00 Auer
Uert: Gréiwels, Centre Nei Brasilien
Fir: Gréiwels, Brattert, Randschelt

08.03, 19.00 Auer
Uert: Wal, Festsall
Fir: Wal

22.03, 19.00 Auer
Uert: Gréiwels, Centre Nei Brasilien
Fir: Heeschpelt, Kéiber

30.03, 19.00 Auer
Uert: Bëschrued, Veräinsbau
Fir: Bëschrued

LÉIW MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

säit dem Ufank vun de Verhandlungen am Mee 2019 iwwert eng méiglech Gemengefusioun ass vill geschitt, a mir hunn lech ëmmer iwwert d'Entwécklungen informéiert.

Eise gemeinsame Gemengefusioun-Projet ass mat grousse Schrëtt virukomm an d'Gemengeréit hu viru kuerzem den Datum fir de Referendum op de Sonnden, de 27. Juni 2021 festgeluecht.

Et ass also elo un der Zäit, och lech, de Bierger a Biergerinnen, de Fusiounsprojet an déi weider Etappen am Detail virzestellen, op Är Froen anzegoen an Är Ureegunge mat op de Wee ze huelen.

De ganze Verhandlungs- a Consultatiounsprozess war bis dato vu géigesäitegem Interessi an Oppenheet gepräägt. Mat dëse Wäerter am Hannerkapp wéilte mir lech gären alueden op Diskussiounsowenter, wéi op der Säit 1 opgelëscht.

D'Versammlunge fannen all Kéier um 19.00 Auer statt a ginn am Respekt vun den Ofstands- an Hygiènemoossnamen organiséiert. Dofir sinn d'Umeldungen och obligatoresch. Wann Dir fir Är virgesinnen Uertschaft keng Zäit sollt hunn, sidd Dir natierlech Wëllkomm lech fir en aneren Owend unzemellen. Mellt lech fir d'Owenter zu Groussbus w.e.g. ënnert der Nummer + 352 83 80 22 – 1 un a fir déi zu Bëschrued, Gréiwels a Wal ënnert der Nummer + 352 83 81 85 –1.

Eist Ziel ass et, trotz den aktuellen Ëmstänn, lech intensiv an den Entwécklungsprozess anzebannen a ganz transparent mat lech iwwert de Projet ze diskutéieren. Dëst soll eis erlaben, mat Hëllef vun Ärem Input, dem Projet de leschte Schlëff ze ginn, an lech dësen no der Ouschtervakanz an deemno virun der Ofstëmmung a Form vun enger Informatiounsbroschür nach emol zesummenzefaassen.

Den 1. an den 3. Juni ginn all Kéier um 19.00 Auer ofschléissend ëffentlech Informatiounsversammlungen an der Presenz vun der Inneministesch Taina Bofferding an dem SYVICOL-Präsident Emile Eicher organiséiert. COVID-bedéngt kënne mir heizou leider nach keng genau Informatioune ginn. Detailer ginn lech natierlech mat Zäiten matgedeelt.

Kommt laanscht, mir freeën eis drop, lech begréissen ze dierfen a mat lech ze diskutéieren!

Kommt schwätzt mat eis.

Mat frëndleche Gréiss,

D'Gemengeréit vun de Gemenge Groussbus a Wal.

Gedréckt op 100%-recycléiertem Pabeier.